



N°6765  
Entrée le 05.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 05.09.2022

Fernand ETGEN  
Président vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/09/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Wunnensbau weiderzeleeden.**

De 7ten Januar 2022 gouf an der Chamber d'Gesetz fir eenheetlech Krittäre fir een Handicappgerechten Accès zu Gebaier gestëmmt. D'Gesetz trëtt fir nei Gebaier de 7ten August 2023 an Kraaft, bestoend Gebaier hunn 10 Joer Zäit fir konform ze ginn. An dësem Gesetz gi 5 Reglementer opgelëscht (an den Art. 2, 3, 4, 5 an 11), déi sollen Detailer fir öffentlech a privat Gebaier festhalen an och sollen d'Voie publique méi benotzerfrëndlech fir Persoune mat Handicap maachen. Dës Reglementer si bis elo nach net deposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch Datumer soen op deenen dës Reglementer wäerten an de Regierungrot kommen?
2. U wéi enge Krittären orientéieren sech d'Bauhäre säit dem Januar 2022 vue dass d'Reglementer mat den detailléierte Virgaben nach net virleien?
3. Gesäit d'Ministesch hei net d'Gefor, dass wichteg Zäit verluere geet, an deene Gebaier gebaut ginn, déi da spéitstens an 10 Joer mussen amenagéiert gi fir dem uewe genannte Gesetz z'entsprechen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)